Lëtzebuerger Guiden a Scouten



# Spezifesch Reegelen a Rotschléi fir Guiden- a Scoutsaktivitéiten am Kontext vun der Covid-19 Pandemie

*Dës Recommandatioune gëlle fir all Versammlungen, Sortien, Weekender a Campen déi nom 14. Dezember 2020 organiséiert ginn.*


1. Begréffserklärungen ..... 2
2. Allgemenges : Aktivitéiten a Covid-19 Zäiten ..... 2
3. Innerhalb vun der Kontaktgrupp ..... 3
4. Ausserhalb vun der Kontaktgrupp ..... 3
5. Responsabilitéit vun de Chefs ..... 4
6. Arrivée an Départ ..... 4
7. Programmaktivitéiten ..... 4
8. Ravi ..... 5
9. Schlofen ..... 5
10. Hygiène ..... 5
11. Botzen ..... 6
12. Transport ..... 6
13. „Gestes barrières“ ..... 6
14. Individuell Schutzausrüstung ..... 6
15. Wann „ufälleg“ Chefs oder Jonker op der Aktivitéit dobäi sinn ..... 7
16. Wa Jonker oder Chefs Symptomer vun enger Coronavirus-Infektioun hunn ..... 7
17. No der Aktivitéit ..... 8
18. Schlusswierder ..... 9



Versioun 6 vum 10.12.2020

Dëst Dokument ersetzt d'Versioun 5 vum 25.11.2020, d'Ännerunge si rout markéiert.


Bei Onkloerheeten oder Froen : covid@lgs.lu kontaktéieren


**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
+352 26 94 84 | covid@lgs.lu | lgs.lu




E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

*Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begrëff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwee Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert ; z.B.: „Chef“ = Chef oder Cheftaine.*

## 1. Begrëffserklärungen

- „Aktivitéit“ : Versammlung, Sortie (1 Dag), Weekend (1 oder 2 Nuechten) oder Camp (> 2 Nuechten)
- „Jonker“ : Biber, Wëllefcher, Avex, CaraPio, RaRo déi als „Participant“ un der Aktivitéit deelhuelen
- „Chefs“ : Jonker an Erwuessener déi d’Aktivitéit organiséieren an encadréieren (ernannte Cheftainen a Chefs, Stagiär-Chefs, Mataarbechter, Kachekipp, asw.)
- „Kontaktgrupp“ : Grupp vu Jonken a Chefs déi zesummen un enger Aktivitéit deelhuelen (z.B. Biberfamill, Wëllefchersruddel, Avex-Trupp, CaraPio-Trupp, RaRo-Clan), och wann e puer verschidden Unitéiten oder Branchen zesummen un der Aktivitéit deelhuelen
- „Mask“ : eng chirurgesch Mask oder en anere Schutz deen d’Nues an de Mond komplett bedeckt (z.B. Multifunktiounsschal)

## 2. Allgemenges : Aktivitéiten a Covid-19 Zäiten

- D’Pandemie vum Covid-19 huet eng ganz Rëtsch nei Reegele mat sech bruecht, déi – jee no Situatioun an no Zäitpunkt – méi oder manner restriktiv ëmgesat ginn. Dës Reegele sinn am „Covid-19 Pandemie-Gesetz“ festgehalen.
- Fir „parascolaire Aktivitéite“ gesäit d’Covid-19 Pandemie-Gesetz Ausnamen zu den allgemeng gëltege Reegele vir. Guiden- a Scoutsaktivitéiten zielen als „parascolaire Aktivitéiten“.
- Aktivitéite vu Jugendorganisatioune goufe vum Educatiouns- a Jugendministère explizitt erlaabt, a sinn och erwënscht, ënner e puer Konditiounen a mat spezifesche Rotschléi vun der Direktioun vun der Santé.
- D’Aktivitéite fannen a feste „Kontaktgruppe“ statt.
- D’Kontaktgruppen däerfen aus maximal 30 Leit (Jonker a Chefs) bestoen.
- Fir d’Organisatioun vu Weekender a Campe goufe speziell Konditiounen zousätzlech zum LGS-Reglement Nr 13, festgeluecht.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG



### 3. Innerhalb vun der Kontaktgrupp

- Wärend der ganzer Dauer vun der Aktivitéit hunn alleguer d'Participanten (Jonker a Chefs) permanent eng Mask un, souwuel banne wéi baussen. Dëst gëllt net beim iessen an drénken (cf. Punkt 8). Kanner ënner 6 Joer musse keng Mask droen.
- Allgemeng, sinn d'Reegele vun der Distanz op Aktivitéite vu Jugendorganisatiounen opgehuewen. Et gëtt awer recommandéiert, déi Jonk op d'Reegele vun der Hygiène an der Distanz ze sensibiliséieren, och wann dës wärend der Aktivitéit net zu all Moment kënnen agehale ginn.
- D'Chefs sollen ënnert sech – souwäit wéi méiglech – eng Distanz vun 2 Meter anhalen.
- D'Zesummesetzung vun der Kontaktgrupp muss wärend der ganzer Aktivitéit déi selwecht bleiwen.
- Et soll eng Lëscht bestoen, mat all de Jonken a Chefs déi un der Aktivitéit deelhuelen.
- Déi Jonk ginn an Ënnergruppe vu maximal 4 Leit agedeelt, déi wärend der ganzer Aktivitéit beienee bleiwen.
- Et kënnen e puer Ënnergruppen un der selwechter Aktivitéit deelhuelen (bis zu engem Maximum vun 30 Leit am Ganzen).
- Tëschent deene verschiddenen Ënnergruppe muss eng Distanz vun op d'mannst 2 Meter agehale ginn.
- D'Chefs solle sech och op déi eenzel Ënnergruppen opdeelen, esou dass all Ënnergrupp ëmmer vun deene selwechte Chefs betreit gëtt.
- *N.B.: Dës Moossname sinn u sech schonn an der Guiden- a Scoutsmethod verankert, ënnert dem Grondsaz vum „Liewen a klenge Gruppen" : wärend dem Camp liewen déi Jonk a Sizainen, Patrullen oder Ekippen, an deene si zesumme kachen, iessen, Aktivitéite maachen, asw. D'Chefs begleeden dës kleng Gruppen als „Pätter" oder „Giedel".*




### 4. Ausserhalb vun der Kontaktgrupp

- De Kontakt tëschent der Kontaktgrupp a Leit vu bausse muss vermidde ginn.
- Bei Kontakt mat enger externer Persoun, déi net zu der fester Kontaktgrupp gehéiert, mussen d'gestes barrières agehale ginn.
- Souwäit wéi méiglech vermeiden, dass zwou verschidde Kontaktgruppen ënnertenee gemëscht ginn. Wann zwou Kontaktgruppe sech begéinen, mussen d'Reegele vun der sozialer Distanz agehalen a Maske gedroe ginn.
- Fir am Fall vun enger Infektioun den „Tracing" ze vereinfachen, soll e „Logbuch" gefouert ginn, mat den Nimm an Telefonsnummere vun den externe Leit, mat deene wärend der Aktivitéit e Kontakt besteet (Besuch, Buschauffeur, Gérant vum Chalet, asw.).



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

### 5. Responsabilitéit vun de Chefs

- D'Chefs mussen déi néideg Moossnamen huele fir eng Infektioun wärend der Aktivitéit ze vermeiden a sech un d'Reegelen halen, déi de Verband virgëtt.
- Sou vill wéi méiglech Chefs sollen eng Formatioun matgemaach hunn, wou déi sanitär Reegelen erkläert ginn a si drop virbereet ginn, fir déi Jonk op d'gestes barrières ze sensibiliséieren (dës Formatioun gouf vum SNJ via *Zoom* ugebueden).
- Virun a wärend der Aktivitéit sollen d'Chefs Usammlunge vu Leit vermeiden (z.B. net op eng Party goen). Si solle wärend der Aktivitéit nëmmen dann op aner Plaze goen, wann et wierklech noutwenneg ass.

### 6. Arrivée an Départ

- Wann d'Elteren déi Jonk op d'Aktivitéit bréngen oder siche kommen, gëtt geroden dass si d'Reegele vun der sozialer Distanz anhalen an eng Mask unhunn.
- Fir d'Kräize vun externe Leit ze vermeiden, sollen d'Arrivéeën an d'Départe vun de Jonken an der Zäit gestaffelt sinn (z.B. „Kiss and Drive").

### 7. Programmaktivitéiten

- Alleguer d'Aktivitéite mussen dobaussen, un der fräier Loft, gemaach ginn.
- Spiller a soss Aktivitéite mat intensivem a verlängertem Kierperkontakt vermeiden.
- Material a Spillsaachen, déi net kënne gebotzt ginn, souwäit wéi méiglech op der Säit loossen.
- Et solle keng Ausflich gemaach ginn, op Plaze wou vill Leit beienee sinn.
- Genuch Zäit virgesi fir ze raschten ; d'Middegkeet an de Stress schwächen den Immunsystem a maachen ee méi ufälleg fir Infektiounen.
- D'Ausgangsspär vun 23h00 bis 06h00 muss agehale ginn. Also dofir suergen, dass d'Aktivitéit fréi genuch ophält, soudass jidderee mat Zäite kann doheem sinn.






E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

### 8. Ravi



- Déi Jonk an d'Chefs kënne wärend der Aktivitéit zesummen iessen, ënnert der Konditioun dass entweder jiddereen en eegene „Lunchpaket" ausgedeelt kritt oder jidderee selwer säin eegene Picknick vun doheem matbréngt.
- Et muss dobaussen, un der fräier Loft, giess ginn.
- Wärend dem Iesse muss jiddereen eng Distanz vu minimum 2 Meter zu deenen anere Jonken a Chefs anhalen. D'Masken däerfen heibäi ausgedoe ginn.
- Dofir suergen dass d'Hänn virun an nom Iesse gewäsch ginn.
- Tasen, Glieser, Telleren, Besteck a Bidon net mat aneren deelen. Alles gëtt nom Iesse mat waarmem Waasser a mat Spullmëttel gespullt.
- Wie wärend der Aktivitéit Ravi akafe geet, muss d'Reegele vun de Butteker anhalen (Mask undoen asw.). D'Akafe soll vun esou mann wéi méiglech Leit gemaach ginn (am Idealfall ee Chef eleng).
- Wa Saachen op d'Plaz geliwwert ginn, sollen dës bei der Entrée vum Site ofgesat ginn, fir ze vermeiden dass extern Leit doduerch hin an hier ginn.

### 9. Schlofen

- Iwwernuechtunge si wärend den Aktivitéiten net erlaabt.

### 10. Hygiène



- Reegelméisseg d'Hänn mat Seef a Waasser wäschen a mat Pabeiersdicher dréchnen, déi kënne wech gehäit ginn.



- Wa kee fléissend Waasser (Leitung oder Bidon) zur Verfügung steet, muss eng Alkoholsléisung zur Verfügung gestallt ginn, méi jonk Kanner sollen dës awer nëmmen ënner Opsiicht benotzen (oppassen op d'Sonn, den Alkohol kann zu Verbrennungen op der Haut féieren).
- E Poster ophänken, op deem erkläert gëtt wéi ee sech richteg d'Hänn wäscht (z.B. Affiche vum SNJ). Op strategesch wichtege Plaze solle Schëlder sinn, op deenen un d'Wichtegkeet vun der Hygiène (Hänn, houschten, néitsen) a vun der „sozialer Distanz" erënnert gëtt.



- Dreckskëschte sollen en Deckel mat Fousspedall hunn.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger Guiden a Scouten



### 11. Botzen

- All d'Raim, déi wärend der Aktivitéit am gebrauch sinn (Gemeinschaftssall, Réfectoire, Kichen, Dortoiren, Toiletten, Duschen, asw.) sollen op d'mannst ee Mol den Dag mat engem handelsübleche Botzmëttel gebotzt ginn.
- Uewerflächen, déi dacks ugepaakt ginn (Dëscher, Klensche vun den Dieren, Bastelmaterial, asw.) solle mat engem handelsübleche Botzmëttel gebotzt ginn.



- Reegelméisseg lëften (Chalet, Zelter).

### 12. Transport

- Am ëffentlechen Transport muss jiddereen, dee méi wéi 6 Joer al ass, zu all Moment eng Mask unhunn.



### 13. „Gestes barrières"

- Souwäit et geet Distanz (minimum 2 Meter) zu aneren halen.
- Eng Mask undoen (gëllt net fir Kanner ënner 6 Joer).
- Moie soen ouni d'Hand ze ginn oder sech soss géigesäiteg unzepaken.
- Reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef wäschen.
- Sech sou mann wéi méiglech am Gesiicht upaken.
- An den Ielebou oder an en Nuesschnappech houschten an néitsen.
- Einweg-Nuesschnappecher benotzen a se an eng Dreckskëscht entsuergen.



### 14. Individuell Schutzausrüstung

- Masken : Et sief bemierkt dass Masken oder all aneren Nues- a Mondschutz deen, dee se unhuet, net wierklech schützen, awer déi aner Leit ronderëm gi virun den Drëpse vun däser Persoun (beim houschten an néitsen) geschützt. Gebrauchten Einweg-Maske gehéieren an d'Dreckskëscht. Stoffe Maske musse reegelméisseg gewäsch ginn.



- Händschen : Wien Händschen undeet, riskéiert doduerch e falscht Gefill vu Sécherheet ze kréien. Wann d'Händschen net gewiesselt ginn, kënnen doduerch vill verschidden Uewerfläche kontaminéiert ginn. Och wann een Händschen undeet, muss ee sech weiderhi reegelméisseg d'Hänn wäschen.
- Dir kënnt Material wéi Masken, Alkoholsléisung, Ofspärbändchen asw. an der Géisserei kréien, andeems dir et iwwer hygiene@lgs.lu bestellt.



E grousse Merci un eis Sponsoren

lalux

VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil

BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG



## 15. Wann „ufälleg“ Chefs oder Jonker op der Aktivitéit dobäi sinn

- Persounen, déi ënnert enger spezieller Krankheet (Diabetiker déi mussen Insulin sprëtzen, schlëmm Häerz- oder Kreeslafproblemer, schlëmm chronesch Longeproblemer, Kriibs, schwéier Immunschwächt, staarkt Iwwergewiicht) leiden, hunn en erhéichte Risiko fir beim Covid-19 schlëmm Komplikatiounen ze kréien. Dës Leit gëllen als „ufälleg“.
- Si kënnen u Guiden- a Scoutsaktivtéiten Deel huelen, mä mussen dobäi extra geschützt ginn, z.B. andeems si – souwäit et geet – Distanz mat deenen anere Chefs an de Jonken halen, bei enkem Kontakt mat hinne soll jiddereen eng chirurgesch Mask undoen an d’Hygiènesreegelen anhalen.
- Den individuelle Risiko vun all Persoun ass schwéier anzeschätzen, dofir soll dëst am Beschten am Virfeld vun der Aktivitéit mat den Elteren, respektiv dem Dokter, ofgekläert ginn.



## 16. Wa Jonker oder Chefs Symptomer vun enger Coronavirus-Infektioun hunn

- Am Virfeld vun der Aktivitéit :
    - Eng Persoun, déi Symptomer vun enger Infektioun (Féiwer, Halswéi, Houscht) huet – net nëmmen den Dag wou d‘Aktivitéit ufänkt, mä och schon an den Deeg virdrun – däerf net un der Aktivitéit deelhuelen.
    - Dës Persoun muss doheem bleiwen. Wann d’Symptomer weider unhalen, muss si hiren Dokter iwwer Telefon kontaktéieren, an e „Centre de Consultations Covid“ goen oder – am Noutfall – an d’Urgence vun engem Spidol.
- Wärend der Aktivitéit :
    - Soubal eng Persoun ufänkt Symptomer (Féiwer (>38,0°C), Halswéi, Houscht) ze spieren, muss dës Persoun op enger separater Plaz (Zëmmer, Zelt) isoléiert ginn an eng chirurgesch Mask ugedoe kréien, bis se d’Aktivitéit verléisst.
    - Dës Persoun muss esou séier wéi méiglech heem goen. Bei Mannerjärege sollen dowéinst direkt d’Elteren oder d’Kontaktpersoun fir den Noutfall (cf. Fiche Médicale), benoriichtegt ginn.
    - Wann d’Symptomer weider unhalen, soll dës Persoun hiren Dokter iwwer Telefon kontaktéieren, an e „Centre de Consultations Covid“ goen oder – am Noutfall – an d’Urgence vun engem Spidol.
    - Fir de Rescht vun der Kontaktgrupp leeft d’Aktivitéit normal weider.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

- Wann eng Persoun, déi un enger Aktivitéit deelgeholl huet, positiv op Covid-19 getest gouf :
    - Soll dës Persoun sech direkt an „Auto-Isolement" setzen, all Kontakt mat anere Leit vermeiden an den entspriechenden online-Formulaire vun der Direktioun vun der Santé op covid19.lu ausfëllen oder hiren Hausdokter iwwer Telefon kontaktéieren.
    - D'Persoun, déi positiv getest gouf, soll sou séier wéi méiglech jidderengem Bescheed soen, mat deem si e „Kontakt mat héigem Risiko" hat. Dës Leit solle sech direkt an „Auto-Quarantaine" setzen, all Kontakt mat anere Leit vermeiden an den entspriechenden online-Formulaire vun der Direktioun vun der Santé op covid19.lu ausfëllen oder hiren Hausdokter iwwer Telefon kontaktéieren.
    - Als „Kontakt mat héigem Risiko" gëllen all Kontakter, ouni Mask, op enger Distanz vu manner wéi 2 Meter, wärend op d'mannst 15 Minutten. Heibäi gëlle Kontakter, déi an den 48 Stonne virum Test (wann déi positiv geteste Persoun keng Symptomer huet), respektiv 48 Stonne virum Ufank vun de Symptomer, statt fonnt hunn.
    - Wann de responsabele Chef driwwer informéiert gëtt, dass u senger Aktivitéit eng Persoun deelgeholl huet, déi positiv op Covid-19 getest gouf, muss hie sech direkt iwwer e-Mail u covid@lgs.lu mellen. Hei kann hien Informatiounen an Hëllef fir all weider Schrëtt kréien.
- Reintegratioun vu Persounen, déi positiv op Covid-19 getest goufen: Si kënne 10 Deeg nom positiven Test op d'Aktivitéit kommen, ënnert der Konditioun dass si säit 48 Stonne keng Symptomer méi hunn. En zweeten – negativen – Test ass net noutwenneg.
- Fir Leit, déi e Kontakt mat héigem Risiko haten, ass d'Quarantaine 7 Deeg nom leschte Kontakt eriwwer, ënnert der Konditioun dass en Test – dee fréistens de 6. Dag nom leschte Kontakt gemaach gouf – negativ war.

## 17. No der Aktivitéit

- No der Aktivitéit soll jiddereen, deen dobäi war (Jonker a Chefs), ganz gutt op Symptomer, déi méiglecherweis op eng Infektioun mam Coronavirus kéinten hiweisen (Féiwer, Houscht, Otemproblemer, anormal Middegkeet, Duerchfall, Verloscht vum Gerochs- an/oder Geschmaachsënn) oppassen. Falls si een oder méi vun dëse Symptomer spieren, solle si hiren Dokter kontaktéieren.
- Si sollen och de Kontakt mat ufällege Leit (z.B. de Grousselteren) vermeiden.
- D'Chefs sollen déi Jonk op dës Virsiichtsmoossnamen opmierksam maachen.



E grousse Merci un eis Sponsoren

## 18. Schlusswierder

- Dës Rotschléi sollen de Risiko vun enger Infektioun duerch de Coronavirus verréngeren. Et ass sécher net ëmmer einfach, fir se alleguer anzehalen. Null ass dee Risiko leider ni an et ass ëmmer méiglech dass eng Covid-Epidemie op enger Aktivitéit ausbrécht. Wann awer all d'Rotschléi - sou gutt et geet befollegt goufen – brauch an deem Fall kee sech e Virworf ze maachen.
- WICHTEG : **Jiddereen – déi Jonk an d'Chefs – solle bei de Versammlungen, Sortien, Weekender a Campe ganz vill Spaass hunn, och wann dëst Joer alles e bëssen anescht ass wéi soss.**
- An deem Sënn: lénken Ielebou, David a Metti.

**Bei Onkloerheeten oder Froen : covid@lgs.lu kontaktéieren**

*Falls déi offiziell Recommandatioune sollten erweidert oder geännert ginn, gëtt dëst Dokument sou séier wéi méiglech ugepasst. Weider Dokumenter an Informatioune fannt dir op lgs.lu/covid.*

*Auteur : Dr David Heck*　　　　*Korrektur : Metti Schmit, Lis Stirn, Marc Weis*

*Quellen :*

- *„Recommandations sanitaires de la Direction de la Santé dans le cadre de la crise sanitaire liée au Covid-19 à l'attention des organisateurs et animateurs d'activités de vacances pour enfants et jeunes" – Direction de la Santé, Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg (07. & 21.07. & 01.09. & 09.12.2020)*
- *„Vade-mecum d'organisation des camps d'été 2020" – Les Scouts (www.lesscouts.be)*
- *Covid-19 – Consignes dans le contexte de l'animation socio-éducative (secteur de l'éducation non formelle) à partir du 29 octobre 2020 – Direction générale du secteur de la Jeunesse*

*Biller :*

- *Mat der frëndlecher Erlabnis vu Les Scouts (www.lesscouts.be)*
- *Wëllefcher Lëtzebuerg-Cents*



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG